# Grenzlandmeeschterschaften 2025




De Pompjeesverband hat d'Éier den 13. September 2025 di 8. Editioun vun de Grenzlandmeeschterschaften zu Ettelbréck am Stadion Am Deich ofzehalen.

Bei de Grenzlandmeeschterschaften handelt et sech em internationalen Pompjeesconcours no de Reegelen vum CTIF. Eng Ekipp besteht aus 9 Mann plus e méiglechen Ersatzmann. De Concours deelt sech an 2 Diziplinen op:

• Beim Läschugréff besteht d'Aufgab doran dësen esou schnell wéi méiglech opzebauen an dobäi keng Fehler ze maachen

• Um Staffellaf huelen 8 Leit pro Ekipp deel an mussen d'Lanz esou schnell wéi méiglech iwwer 400 m ze droen

Fir d'Organisatioun vun de Grenzlandmeeschterschaften wor d'Concourscommissioun vum Pompjeesverband, mam Patrick Nacciareti un senger Spëtzt, verantwortlech. D'Regioun Norden, d'Gemeng vun Ettelbréck, d'Pompjeesfrënn Angelduerf a.s.b.l., d'Amicale Pompjeeën Ettelbréck a.s.b.l. an de CGDIS hunn dobäi gehollef fir des Veranstalung erfollegräich iwwert d'Bühn ze brengen.

Den 13. September 2025 um 9 Auer sinn di éischt Equippen un de Start gaangen an de ganzen Dag iwwer sinn d'Concoursequippen ugetruede fir sech di verschidden national a regional Ofzeechen ze verdéngen.

Fir di 8. Editioun vun de Grenzlandmeeschterschaften haten sech 37 Equippen ugemellt, des koumen aus Däitschland, Frankreich, Éisträich, Italien a Lëtzebuerg. Ons Faarwen sinn vun den Equippen Hamm, Osweiler 1, Osweiler 2 an Luxemburg Süd vertruede ginn. Fir ons lëtzebuerger Équipen wor et och zugläich den nationalen Concours, verbonnen mat der Qualifikatioun fir vum 23.-26. Juli 2026 ons d'Land zu Eisenstadt an Éisträich, bei den internationalen Pompjeesconcoursen vum CTIF kënnen ze vertrieden.

Säit 1992 ass keng lëtzebuerger Concourséquipe méi fir d'Leeschtungsofzeechen am Sëlwer ugetrueden. D›Équipe vun Hamm huet sech 4 mol fir Sëlwer ugemellt a konnt um Enn 4 Sëlwermedailen (Lëtzebuerg, Rheinland-Pfalz, Saarland an Elsass) mat Heem huelen. Beim Leeschtungsofzeechen am Sëlwer ginn de Sektiounschef an de Melder gesat an déi aner 7 Membere ginn ausgeloust.

Géint 18 Auer 30 sinn dunn d'Resultater verkënnegt ginn.

**8. Grenzlandmeisterschaft 13. 09.2025 Tageswertungen**

| Platz | Gruppe | WK | bestes Ergebnis | Rang |
|---|---|---|---|---|
| 1 | Waidring | A | 401,34 | Gold |
| 2 | Gampern | A | 401,11 | Gold |
| 3 | Welsberg | A | 399,82 | Gold |
| 4 | Pirkhof | A | 397,55 | Gold |
| 5 | Rankweil | A | 396,51 | Gold |
| 6 | Brandenberg | A | 394,72 | Gold |
| 7 | Brixlegg | A | 392,9 | Gold |
| 8 | Osweiler 1 | A | 392,6 | Gold |
| 9 | St. Lorenz | A | 392,12 | Gold |
| 10 | Guewenheim | A | 389,72 | Silber |
| 11 | Schleis | A | 388,59 | Silber |
| 12 | Abersee | A | 388,06 | Silber |
| 13 | Haiming | A | 387,19 | Silber |
| 14 | Altkirch | A | 386,67 | Silber |
| 15 | BFV Weiz | A | 386,41 | Silber |
| 16 | Gaildorf 1 | A | 386,11 | Silber |
| 17 | Ungenach | A | 384,92 | Silber |
| 18 | Syke | A | 382,14 | Silber |
| 19 | Fraham | A | 380,24 | Bronze |
| 20 | Mainz Drais 2 | A | 376,75 | Bronze |
| 21 | Götzis | A | 372,86 | Bronze |
| 22 | Sierndorf | A | 371,25 | Bronze |
| 23 | Gaildorf 2 | A | 370,84 | Bronze |
| 24 | Großrosseln | A | 363,31 | Bronze |
| 25 | Mainz Drais 1 | A | 353,01 | Bronze |
| 26 | Völklingen A | A | 348,95 | Bronze |
| 27 | Luxemburg Süd | A | 338,27 | Bronze |
| 28 | Saarlouis-Ost | A | 336,05 | Bronze |
| **Platz** | **Gruppe** | **WK** | **bestes Ergebnis** | **Rang** |
| 1 | Steinhaus 1 | B | 419,86 | Gold |
| 2 | Munderfing | B | 411,37 | Gold |
| 3 | Völklingen B | B | 398,45 | Gold |
| 4 | Osweiler 2 | B | 398,17 | Silber |
| 5 | Fluorn-Winzeln | B | 367,39 | Silber |
| 6 | Hamm | B | 366,23 | Silber |
| 7 | Bitburg-Land | B | 343,45 | Bronze |

| Platz | Gruppe | Frauen B | bestes Ergebnis | Rang |
|---|---|---|---|---|
| 1 | Hasselroth-Gondsroth | C | 374,83 | Gold |

Op Invitatioun vun der Concourscommissioun wor d'Präsenz vun onsen zwou Jugendéquipen, déi ons Farwen vum 13.-19. Juli 2026 zu Šumperk an Tschechien bei den internationalen Jugendconcoursen vum CTIF vertrieden e besonneche Moment bei der Proklamatioun vun de Resultater.

Trotz dem ville Reen um Enn vum Dag hunn sech d'Concoursequippen net de Spaass huele geholl an hunn bis an de spéiden Owend eran gefeiert.